Méckenfëschen an der Moselotte

Den Week – end vum 18. bis den 20. Abrëll 2014 woren mir zu 8 Fëscher an d'Vogesen gefuer fir un éngem Frëndschaftsfëschen um Séi vun Saulxure - sur - Moselotte deel ze huelen. Mat dobäi woren den Mich Gilson, den Strotz Claude, den Bartholmé Patrick, den Scheid Patrick, den Pauly Ben, den Bissener Paul, den Decker Phillipe an den Luss. Den Séi vun Saulxure ass eis jo beschtens bekannt vun eisen Sortiën an natirlech fueren mir och dëst Joër am Mée erëm dohinner fir ee puer schéiner Deg do ze verbréngen. Fënnef vun eisen Memberen haten awer dës Kéier och eemol vun der Méiglechkeet profitéiert fir an éngem vun deenen schéinen Flëss, déi an den Vogesen ze fannen sin, ze fëschen. Mir haten eis dofir d'Moselotte erausgesicht ewell een fir op déier Plaz ze fëschen och den Permis direckt op der base de loisir beim Séi kritt. Dëst geschitt ganz ouni groussen Opwand, et brauch een nëmmen an der Rezeptioun bei der frëndlecher Madame ze froën an schon kritt een fir 17 euro een Dagesschäin fir kënnen an der Moselotte ze fëschen. Dëst kann och éng gudd Alternativ sin fir déi Leit vun eisem Club déi och eemol op eegen Fauscht dohinner fëschen gin, esou kann een dann den Openthalt um Séi duurch een Dag fëschen am Floss nach méi ofwiesslungsräich gestalten.

Ech huelen et direckt virweg, mir woren ganz begeeschtert vun der Moselotte an ech hät nie geduecht dass an dësem kléngen Floss esou vill schéin Fësch kéinten sin. Anscheined hun d'Kormoranen d'Vogesen nach net entdeckt ewell ewei sos wär et ze eklären dass dësen kléngen Floss esou een gudden Bestand un Äschen hät, an dass Dës och an allen Gréissten vir ze fannen sin léisst dorop schléissen dass d'Äschen hei nach een Ëmfeld virfannen ewou se nach ofläichen kënnen. d'Moselotte huet sech dann och selwer mat villen Charakteren gewisen, mol wor et éng kléng schmuel Baach mée ewou awer och ëmmer erëm méi breed Ofschnëtter vir ze fannnen woren ewou d'Waasser eemol méi gemitlech gelaaf ass an zeguer wonnerschéin Schluchten kann een hei fannen ewou Indianerfëschen ungesot ass, jee unsech misst eigentlech fir Jiddereen eppes dobäi sin mée virun Allem hun mir och nach vill Fësch an déier kuurzer Zäit gefaangen déi mir eis gegonnt haten fir d'Moselotte kennen ze léieren.

Mir woren éng gudd Équipe an Jiddereen huet séng Fësch gefaangen ewoubäi déi Éng op Nymphenfëschen gesat hun an déi Anner et mat drechenen Mécken probéiert hun. Et woren och schon immens vill Gobagen um Waasser ze gesin wat mat Sécherheet deem schéinen Wieder geschold wor an op der Moselotte konnt een zeguer Schwärm vum Minen an Barwen untreffen. Den Mich an den Claude haten éng schéin Coulée ausgemeet ewou Sie zesummen gefëscht hun an erleng op énger Plaz konnten Sie ongefëier 20 Fësch (Forellen an Äschen) iwwerlëschten. Ewei a bee mol d'Fësch ungefaangen hun ze steigen hun mir et dun mat drechenen Mécken probéiert ewoubäi een awer soën muss dass d'Nymph vill besser Erfollegsaussichten bruecht huet. Den Claude hat éng wonnerbar Plaz entdeckt ewou Hien an éngem Stëck Äschen gefaangen huet an ewei Hien gesin huet ewei den Luss sech ofgeméiht huet fir mat der drechener Méck, éng vun den villen Äschen déi

permanent gestouss sín, ze íwwerlëschten, huet Hien Him séng Plaz íwwerloos mat der néideger Unleedung ewei een op d´Äschen fëscht an hei elei kuck elei dun huet zeguer den Luss Fësch gefaangen. Dat sollt dann och verdäitlechen dass mír éng wonnerbar Équipe woren ewou vill gelaacht an gestëppelt gín ass mée ewou awer och Jidereen síchtlech beméíht wor dozou bäí ze droën dass mír een wonnerbaren Fëscherdag konnten erliewen.